



Luxembourg, le 9 juin 2020

REÇU

Par Alff Christian , 12:53, 09/06/2020

Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Concerne : question parlementaire n° 2065 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Député Fernand Kartheiser.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch

Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2065 vum honorabelen Här Deputéierte Fernand Kartheiser

Den Zentrum fir politesch Bildung (ZpB) ass eng onofhängeg Stéftung a schafft inhaltlech onofhängeg vun der Regierung, vu politesche Parteien an aneren Institutiounen. Weeder um Ausschaffe vum Guide, nach um Opstellen oder dem Choix vun de Froen oder de Beispiller war d'Regierung bedeelegt, an et wier dofir och falsch sech inhaltlech zu den ausgewieltene Froen ze positionéieren.

Et sief op dëser Plaz och präziséiert, datt et sech hei net ëm een "Test" handelt, wéi an der Fro vum honorabelen Deputéierte suggéiert gëtt. Den Outil mam Numm "Propaganda.guide" ass geduecht, fir de Leit eng Indicatioun ze ginn, ob et sech bei enger Noriicht éischer ëm eng sachlech an niichter Informatioun handelt oder ëm politesch opgelueden an zougspëtzte Formuléierungen. Propaganda oder Aussoen, déi ee sollen zum Handeln opfuerderen oder an eng bestëmmten Denkrichtung wëllen drécken, hunn an der Reegel bestëmmte Mierkmoler. Déi Froen, déi am genannte Guide gestallt ginn, bezéien sech op dës Mierkmoler a sollen den Notzer vum Guide hëllef, sech dës Mierkmoler bewusst ze maachen. Dee vum ZpB ausgeschaffte Guide soll Aussoe weeder bewäerten nach klasséieren, mee déngt dozou, ze sensibiliséieren an de kritesche Bléck vun den Notzer ze schäerfen.